



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wéi vill Leit feststelle kënnen, verschwënnt de Gebrauch vun der Lëtzebuenger Sprooch an de Spideeler ëmmer méi. Och eng aner administrativ Sprooch, dat Däitscht, ass ëmmer manner am Gebrauch, besonnesch wat de schrëftlechen Deel ugeet.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister.

- 1) An wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sprooche sinn d'Beschëlderungen an d'Denominatiounen bannent de Spideeler? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?
- 2) Gëtt et eng allgemeng Richtlinn fir d'Beschëlderung an d'Denominatiounen an de Spideeler? Falls jo, wéi eng Sprooche gesäit se vir, fir eng méiglechst grouss Transparenz ze garantéieren? Wann net, kéint d'Madamm Minister sech d'Aféierung vu sou enger Richtlinn virstellen?
- 3) A wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sprooche sinn d'Internetsäite vun de Spideeler? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?
- 4) Gëtt et eng allgemeng Richtlinn fir de Sproochgebrauch op den Internetsäite vun de Spideeler? Falls jo, wéi eng Sprooche gesäit se vir, fir eng méiglechst grouss Transparenz ze garantéieren? Wann net, kéint d'Madamm Minister sech d'Aféierung vu sou enger Richtlinn virstellen?
- 5) Falls et sech bei den Äntwerten op d'Froen 1) an 3) gréisstendeels em eng eesproocheg Kommunikatioun handelt (Monolinguisimus), wéi steet dëst am Aklang mat der vun der Regierung ëmmer erëm betounten Dräi- oder Méisproochegheet zu Lëtzebuerg?
- 6) Ass d'medezinescht Personal an de Spideeler ugehale fir Lëtzebuergesch ze léieren? Ginn et deementspreechend Coursen? Wa jo, wéi sinn se frequentéiert? An wéi sinn d'Resultater? Wann net, firwat net?
- 7) Huet e Patient an de Lëtzebuenger Spideeler d'Recht, sech fräi fir eng vun den dräi administrative Sproochen ze entscheeden an där hie mëndlech kommunizéiere wëll?
- 8) Huet en Patient an de Lëtzebuenger Spideeler d'Recht, sech fräi fir eng vun den dräi administrative Sproochen ze entscheeden an där hien déi schrëftlech Kommunikatioun (Ufroen, Formulieren, Informatiounen, Kontrakter, Attester, Diagnosen, asw.) wëll hunn?
- 9) Ginn et Fäll, an deenen dem Personal aus de Spideeler verbuede gëtt, Lëtzebuergesch ze schwätzen oder Lëtzebuergesch schrëftlech ze benotzen? Ginn et Fäll wou Membere vum Personal verbuede kréien an enger Situatioun Lëtzebuergesch ze schwätzen, zum Beispill an Reuniounen?

10) Kënne Membere vum Personal vun hirer Hierarchie/Direktioun bestrooft oder zur Rechenschaft gezu gi well si an enger Situatioun Lëtzebuergesch schwätzen, respektiv benotzen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 3 mai 2021

Réf. : 838x1ae94

Concerne: Question parlementaire n° 4008 du 1^{er} avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4008 du 1^{er} avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la « langue luxembourgeoise dans les hôpitaux ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4008 du 1^{er} avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la « langue luxembourgeoise dans les hôpitaux ».

D'Beschëlderung an alle Spideeler besteet aus Pictogrammen an am Prinzip an enger franséischer Denominatioun vun de verschiddene Servicer. D'Gebaielchkteeten sinn a verschiddene Spideeler op lëtzebuergesch ugewisen (z.B. am CHEM (Gebai Héichuewen) an am CHL (Kannerklinik) oder déi ganz Institution huet seng Denominatioun op lëtzebuergesch ausgewise (INCCI - Häerz-Zenter, Rehazenter, Haus Omega, dat zukënftegt Südspidol).

D'Internetseiten vun de Spideeler si meeschtens a franséischer Sprooch an heinsdo och op Däitsch iwwersat (CHDN a CHNP). D'Hopitaux Schuman schaffe momentan un der däischer Versioun vun hirem Site.

Et gëtt momentan keng Richtlinnen vum Ministère, déi sech op eng vun de legalen an administrative Sproochen festleeën, an et gëtt och nett un esou Richtlinne geschafft. Eis virdergrënnegt Ziel ass et, dass all Patient a Visiteur, deen am Spidol en charge geholl gëtt, dee Service fënnt deen e sicht.

Dëst Ziel schengt och erreecht ze sinn, well de Servicer vum Gesondheitsministère ass nach ni eng Klo oder e spezifesche Problem vun engem Matbierger zougedroe ginn, dass hien wéinst der benotzter Sprooch vun der Beschëlderung oder vum Internet Site de gewënschte Service net fonnt hätt.

Wat d'medezinescht Personal an de Spideeler ugeet, ass et esou, dass d'Dokteren am CHL, déi do fest ugestallt sinn, laut hirem Aarbechtskontrakt dozou verflucht sinn, Lëtzebuergesch ze léieren. De CHL bitt sengen Dokteren lëtzebuergesch Coursen un a pro Joer huelen tëschent 10 a 15 Leit dorunner deel.

An deenen aneren Haiser, wou agréiert Doktere schaffen, gëllt de Contrat d'agrément-type mat der AMMD, an deem steet, dass een Dokter, deen d'Lëtzebuergesch nett beherrscht, dat an engem Délai vu 24 Méint nohuele muss.

Fir all d'Beruffer aus dem Gesondheitssecteur déi ënnert d'Kompetenz vum Gesondheitsministère falen, gesinn déi jeeweileg Gesetzer vir, dass déi Concernéiert Lëtzebuergesch verstoe mussen.¹

¹ **Dokter an Zänn Dokter** : Art. 1. (1) e) de la loi du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire « il doit avoir les connaissances linguistiques nécessaires à l'exercice de la profession, soit en allemand, soit en français, et comprendre les trois langues administratives du Grand-Duché de Luxembourg ou acquérir les connaissances lui permettant de les comprendre. »

Gesondheitsberufer : Art. 11. (1) de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé « La personne exerçant une de ces professions doit avoir les connaissances linguistiques nécessaires à l'exercice de la profession, soit en allemand, soit en français, et comprendre les trois langues administratives du Grand-Duché de Luxembourg ou acquérir les connaissances lui permettant de les comprendre. »

Apdikter : Art. 11. (1) de la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien « Le pharmacien doit avoir les connaissances linguistiques nécessaires à l'exercice de la profession, soit en allemand, soit en français, et comprendre les trois langues administratives du Grand-Duché de Luxembourg ou acquérir les connaissances lui permettant de les comprendre. »

Et ass zwar richtig, dass et keng Kontroll vun de lëtzebuergesch Kenntnisser um Moment vun der Zouloossung gëtt, mee d'Gesetz gesäit awer eng kloer Obligatioun vir dass, falls de Beschäftegte nach kee Lëtzebuergesch kann dee Moment wou en ufänkt mat schaffen, hien dat sou séier wéi méiglech nohuele muss.

An deem Sënn gesinn d'Gesetz och ausdrécklech vir, dass wann ee Beschäftegten aus dem Gesondheetsecteur, opgrond vu Sproochproblemer ee Feeler mécht, hien disziplinaresch, zivil a strofrectlech ka poursuivéiert ginn².

D'Fro, firwat d'Lëtzebuergesch net am Moment vun der Zouloossung kontrolléiert gëtt, erkläert sech doduerch, dass Lëtzebuerg zum engem op qualifizéiert Personal a Spezialisten aus dem Ausland ugewisen ass fir de nationale Besoin am Gesondheitssecteur ofzedecken.

Dat heescht mir kënnen eis et net erlaben vun all Beschäftegten vun Ufank un ze verlaangen, dass hien déi dräi administrativ Sprooch vum Land perfekt beherrscht, well de gesamte Secteur nun eemol och op dat auslännesch qualifizéiert Personal ugewisen ass.

D'Patiente kënnen sech souwuel schrëftlech wéi och mëndlech am Spidol an enger vun deenen dräi administrative Sproochen ausdrécken.

Et sinn dem Service vum Ministère och keng Fäll bekannt, wou dem Personal am Spidol verbueden gouf d'Lëtzebuergesch a mëndlecher oder schrëftlecher Form ze benotzen, an dat weder an interne Versammlungen, nach am Kontakt mat Patienten. Et ass éischter esou, datt d' lëtzebuergesch Sprooch gefördert an d'Personal encouragéiert gëtt, an de Réunioune lëtzebuergesch ze schwätzen.

² **Dokter an Zännokter** : Art. 6. (2) de la loi du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire « Il doit posséder les connaissances linguistiques nécessaires à l'exercice de sa profession au Luxembourg. Il engage sa responsabilité disciplinaire, civile et pénale si, par suite d'une insuffisance de ces connaissances, il commet une erreur dans l'exercice de sa profession ou fait commettre une erreur à d'autres dans l'exercice de leurs professions. »

Gesondheitsberufer : Art. 11. (2) de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé « Il doit posséder les connaissances linguistiques nécessaires à l'exercice de sa profession au Luxembourg. Il engage sa responsabilité disciplinaire, civile et pénale si, par suite d'une insuffisance de ces connaissances, il commet une erreur dans l'exercice de sa profession ou fait commettre une erreur à d'autres dans l'exercice de leurs professions. »

Apdikter : Art. 11. (1) de la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien « Il engage sa responsabilité disciplinaire, civile et pénale si, par suite d'une insuffisance de ces connaissances, il commet une erreur dans l'exercice de ses fonctions. »